N°1489
Entrée le 08.11.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.11.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/11/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

100 Gemengen existéieren zu Lëtzebuerg. 100 Gemenge mat 100 verschiddene Gemengereglementer, Steieren, Taxen a Subsiden. Och beim Waasserpräis ass et esou, dass dësen an all Gemeng ënnerschiddlech ass, obwuel um Enn am Krunn bei de Biergerinnen a Bierger dat nämmlecht erauskënnt. Am Koalitiounsaccord huet dës Regierung sech virgeholl, fir de Waasserpräis z'harmoniséieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung d'Waasserpräisser fir Stéit vun den 100 Gemenge fir d'Joer 2024 oplëschten, opgeschlësselt no Fixkäschten a variabele Käschten?
2. Kann d'Regierung d'Ofwaasserpräisser fir d'Stéit vun den 100 Gemenge fir d'Joer 2024 oplëschten, opgeschlësselt no Fixkäschten a variabele Käschten?
3. A wéi enger Gemeng ass de Waasserpräis fir d'Stéit am niddregsten a wou ass en am héchsten?
4. Huet de Minister Zuelen, wéi vill Investitiounen an d'Waasserinfrastruktur an deene leschten 10 Jore pro Gemeng gemaach goufen?
5. Wéi vill gratis Drénkwaasserfontainen goufen bis elo installéiert (opgelëscht no Gemeng falls méiglech) a wéi vill sollen an deene nächste Joren opgestallt ginn?
   Wéi ënnerstëtzt d'Regierung d'Opstelle vun Drénkwaasserfontainen, fir dass den Accès op Drénkwaasser fir jidderee garantéiert ass?
6. Ass d'Regierung gewëllt, de Waasserpräis esou ze gestalten, dass eng minimal Quantitéit (zum Beispill déi éischt 50 Liter Waasser pro Dag / déi éischt 600 Liter pro Mount) fir all Awunner gratis wieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten